No13
Dezember 2011

Info - Blat

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Iech an äre Familllje wënsche mir schéin a besënnlech Chrëschtdeeg.

Fir 2012 soll et iech mat ärer Famill nach besser goe wéi an dësem Joer.

De Comité

14. Juli 2011 - Remise des Diplômes zu Walfer

De Präis gestëft vun der Amicale krut dëst Joer de Schüler Popov Bojidan, Industrie- a Wachtungsmechaniker.

Interessant ass ze wëssen dass, d'Resultater vun eise Schüler am DAP (freier CATP oder CAP) esou wei an der Vergaangenheet excellent woren.

<u>Hei den Detail:</u>

Menuisier – Ébéniste	Réussites	8	(10 candidats)
	Échec partiel	2	
Energieelektroniker	Réussites	19	(19 candidats)
Zerspanungsmechaniker	Réussites	6	(6 candidats)
Industrie- a Wachtungsmechaniker	Réussites	18	(20 candidats)
	Échec partiel	1	
	Ajournement	1	
Konstruktionsmechaniker	Réussites	7	(7 candidats)

Mir félicitéieren a wënschen hinne vill Succès a Satisfactioun an hirem Beruffsliewen.

Dene 4 Schüler (Échec partiel an Ajournement) soe mir : looss de Kapp net hänken a géi mat neiem Courage a Fläiss an de nächsten Examen. Dat wäert scho klappen.

13. Oktober 2011
Konferenz mam Thema "Internet eine neue Herausforderung für alle"

De Conferencier wor den Här Georges Knell, Diplom Psychologue a Mataarbechter bei BEE SECURE Helpline an LISA Stopline.

Op eng flott, relax a kompetent Aart a Weis huet den Här Knell eis duerch d'Geforen am Internet an d'Mëttelen dogéint gefouert. Sei Virtrag den 2 Stonne gedauert huet wor ni langweileg an huet eis oft un Nodenke bruecht. Steet eng eenzeg Kéier eng deck Dommheet oder eng gewote Photo am Internet ass et ganz schwéier fir net ze soe bal onméiglech fir dëst ze läschen. Leider haten den Owend nëmmen 17 Persounen de Wee op Dummeldeng fonnt. Schued, wëll vill wichteg Informatioune krut een an dësem Owend. Villäicht ass déi nächst Konferenz besser besicht. Duerno gouf beim Patt nach laang diskutéiert.

Am „Luxemburger Wort" vum 11. November 2011 steet op der Säit 27 een Artikel iwwerschriwwen „Rundtischgespräch zum Thema Kinderschutz im Internet"
Hei ee puer Extraiten:

- Den Här Pierre Elvinger, Affekot a Papp vun 2 Kanner seet: „Ich sehe nur die Spitze des nummerischen Eisbergs im Internet."
- D'Madame Marie-Anne Rodesch-Hengesch, Ombutsfra fir Kannerrechter bemierkt: „Wichtig, von Anfang an klarzustellen, dass ein Computer nicht in ein Kinderzimmer gehört, sondern in einem Raum aufgestellt werden soll, der es den Eltern gelegentlich erlaubt einen Blick auf den Bildschirm zu werfen".
- D'Madame Doris Wolf, stellvertriedend Staatsanwältin seet: „Die Erziehung muss zu Hause anfangen, denn dort haben die Kinder ihren ersten Internetzugang. Wenn ihnen dort keine Grenzen gesetzt wird, wird es später unmöglich, ihnen welche zu setzen."

Léif Memberen

Mir wäre frou, wann dir fir eis Amicale e bëssche Reklamm bei ären Emile - Metz - Kollege kéint maachen.

Dës weidere brauche mir nach fläisseg Hänn an eisem Comité.

Avis aux Amateurs.